N°7082
Entrée le 02.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7082 vum 27. Oktober 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*De Schäfferot vu Péiteng huet an enger Äntwert vum 26ten Oktober op meng Fro vum Gemengerot geäntwert, dass ee mat der Stroossebauverwaltung wéilt analyséieren, wéi een d'Situation kéint verbesseren. Ass d'Gemeng wéinst dëser Problematik schonns un de Mobilitéitsminister erugetrueden?*

Eng deementspriechend Reunioun tëschent de Gemengen, wou och dat dës bezüglecht regionaalt Konzept aus dem nationale Mobilitéitspalng PNM2035 hätt kennen erläutert ginn, huet nach net stattfonnt.

*Wéi wëll de Mobilitéitsminister verkéierstechnesch dofir suergen, fir den Trafic vun der Route de Longwy ewechzekréien an op d'Avenue de l'Europe ëmzeleeden?*

D'Nationalstrooss N5 verleeft, wéi richteg vum honorabelen Deputéierten duergeluecht, duerch d'Gemeng Péiteng. Wat awer och ze bemierken ass, ass datt an dësem Beräich vill Leit wunnen a schaffen. Zousätzlech befannen sech hei och vill Commercen laanscht d'Strooss, déi zousätzlech weidere Verkéier unzéien. Dowéinst ass festzestellen, datt den Duerchgangsverkéier net eleng responsabel fir déi aktuell Situatioun ass, mee och de Quell- an Zielverkéier. Ganz kritt een de Verkéier also net aus der Lonkecher Strooss (N5) eraus.

Virun allem an de Spëtzestonnen ass d'Avenue de l'Europe (N31) héich beluecht, wat dozou féiert datt de Verkéier sech op aner Auswäichstrecke verlagert. Vun dësem Verhalen ass net nëmmen d'Haaptstrooss duerch Péiteng betraff, mee och aner Uertschafte ginn dann als Alternativ benotzt. Déi komplex Situatioun mécht et folgend schwiereg déi richteg Léisung ze fannen, ouni gläichzäiteg aner Stroossen an Uertschafte méi ze belaaschten.

*Wéi géif eng Ënnerféierung (Tunnel) ënnert dem Rond-point beim Lycée Mathias Adam d'Traficsituation op der N5 beanträchtegen?*

Eng Ënnerféierung géif de Verkéier duerch d'Avenue de l'Europe an gewëssen Auerzäiten definitiv méi fléissend maachen. Allerdéngs mécht dat eréischt Sënn, wann d'Rond-Pointen hannendrun och méi héich Kapazitéite virweisen, also wären an dem Fall och op dëse Plaze baulech Upassungen noutwendeg.

Wei wäit sech déi Verbesserung och op d'Lonkecher Strooss ausüübt, ass elo schwéier ze soen. Wéi awer scho bei der zweeter Fro ugemierkt, ass net all Verkéier op der Lonkecher Strooss Transitverkéier.

*Ass de Mobilitéitsminister gewëllt, fir d'Maximalgeschwindegkeet op der N5 op 30 Stonnekilometer ze begrenzen an op verschiddene Plazen (z.B. Porte de Lamadelaine) rout Luuchten z'installéieren?*

Een Erofsetze vun der maximal erlaabter Geschwindegkeet op 30 km/h op der Lonkecher Strooss zu Péiteng wäert de Problem net léisen. Wann een haut schonns an de Spëtzenzäiten dës Achs usteiert, ass déi gefillten Duerchschnëttsgeschwindegkeet definitiv méi niddreg.

Wann een d'Sécherheet op verschidde Plazen am Zentrum well erhéijen, da ginn et natierlech aner Méiglechkeeten déi zesumme mat der Gemeng kënnen ausgeschafft ginn.

De Lycée huet och ee Passage fir Schüler ënnert der Rue du Lycée (N5D) erduerch, esou datt déi duerch de Verkéier staark sollicitéiert Strooss vum Foussgänger evitéiert ka ginn. Idealerweis kéint een dann den aktuellen Iwwergang bei der Porte de Lamadelaine weider securiséieren, zum Beispill duerch rout Luuchten.

Lëtzebuerg, den 1. Dezember 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch